Christine Steinwasser

Meng Läich, deng Läich

(Meine Leiche, deine Leiche)

op Lëtzebuergesch adaptéiert vum ROBY ZENNER

E 899

Bestëmmunge fir d'Opféierungsrecht

D'Recht fir di eemoleg Opféierung vun dësem Stéck kritt een duerch de Kaf vun de Bicher, wéi de Verlag se virschreift. Fir all Widderhuelung bzw. weider Opféierung vum Stéck muss virun der Opféierung eng Taxe, déi vum Verlag festgesat gëtt, un den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße bezuelt ginn, deen dann d'Autorisatioun fir d' Opféierung gëtt.
Fir eng Opféierung a Raimlechkeete mat méi wi 300 Plazen ass ausser dem Kafpräis fir di virgeschriwwe Rollebicher e bestëmmte Betrag un de Verlag ze iwwerweisen.
Dës Bestëmmunge gëllen och fir Manifestatioune fir e gudden Zweck an Opféierungen a geschlossene Gesellschaften ouni Recetten.
Onerlaabt Opféierungen, onerlaabt Ofschreiwen, Vervielfältegen oder Verléine vu Rolle mussen als Verstouss géint d'Recht vun den droits d'auteur verfollegt ginn. De Bühne géintiwwer als Handschrëft gedréckt.
All Rechter, och déi vun der Iwwersetzung, der Verfilmung, demIwwerdroen am Radio an an der Televisioun si virbehalen. D'Recht fir d' Opféierung gëtt ausschliisslech den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße.

Fir di eemoleg Opféierung vun dësem Stéck ass de Kaf vun 11 Textbicher an d'Bezuele vun enger Taxe virgeschriwwen. Zousätzlech Textbicher kënnen zum Katalogspräis nobestallt ginn.

Kuerzinformatioun:

Den Entrepreneur Honoré Gantenbein léisst all Leit ronderëm e spieren, datt si him egal sinn an datt hien d'Muecht an d'Geld huet. Ob dat seng Fra an d'Duechter sinn, déi ënner sengem Despotismus an senger Knéckegkeet leiden oder de Comptabel, deen ze wéineg Gehalt kritt oder de Partner, deem d'Unerkennung feelt. Si all géifen hie gär ëmbréngen, a jidder eenzelne fënnt eng Méiglechkeet, dee Plang ze realiséieren. Mee just zwee sinn der wierklech onschëlleg – an ausgerechent op déi fält de Verdacht. Fir d'éischt ass et den Hausmeeschter, deen d'Läich méi wi eemol fënnt, well se ëmmer erëm vun engem vun de "Mäerder" éierens anescht verstoppt gëtt. Duerno knäppen sech de Commissaire vun der Polizei an säin Assistent, deen e bësse mëll ass, d'Sekretärin vir. Déi gëtt dann no "Kriminal-Manéier" an d' Kräizverhéier geholl a gesteet zu gudder Lescht, datt se jorelaang an de Chef verléift war – och e Motiv. Mee da plot di "wierklech Mäerder" hiert schlecht Gewëssen, an een nom anere gesteet. Datt schlussendlech keen di grujeleg Dot begaangen huet, ass eng Pointe, déi net nëmmen de Commissaire vun de Bee rappt.

Geleeënheet fir ze spillen:

Typ vu Kaméidisteck:	Lëschtege Krimi
Spillraum:	Eng einfach Bühn geet duer
Acteuren:	4 Männer a 4 Fraen, 2 bel.
Spilldauer:	Ongefeier 90 Minutten
Opféierungsrecht:	Akaf vun 11 Textbicher an eng Taxe

Persounen:

Honoré GANTENBEIN - Industriellen, Läich
Charlotte GANTENBEIN - seng Fra
Geneviève GANTENBEIN - seng Duechter
Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG - seng Schwëster
Alphonse MOOS - Hausmeeschter
Marylène GRAAS - Sekretärin
Marcel KLINKER - Comptabel
Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG - Associé
Roland MAAS - Commissaire
Pierre SCHILTZ - Assistent vum Commissaire

Kulissen:

Bureau mat Schreifdësch a Stull, deen sech dréit
E puer Still
Um Schreifdësch:
E puer Classeuren
En Telefon
Eng Tablette mat Glieser an enger Karaffe voll Cognac.
Eng Luucht um Schreifdësch, di een hin an hier ka schwenken.

1. Szen

Honoré GANTENBEIN:
(sëtzt beim Schreifdësch, jäizt)
Graas!

Marylène GRAAS:
(hetzt eran, ass dem Honoré Gantenbein ganz ergieweg)
Jo, Här Gantenbein?

Honoré GANTENBEIN:
Diktat!

Marylène GRAAS:
Jo, Här Gantenbein.

Honoré GANTENBEIN:
Un d'Direktioun vu Knautzen a Compagnie. Meng léif Häre, well Dir onverschimmterweis d'Frechheet hat, eis Deeler ze liwweren, déi an der Gréisst ëm e ganzen halwe Millimeter

vun de bestallten Deeler ofwäichen, gesi mir eis gezwongen ...

(steet op a geet eraus)

Marylène GRAAS:
(geet dem Honoré Gantenbein no, lauschtert mat Ustrengung a schreift mat)

Honoré GANTENBEIN:
... all geschäftlech Verbindung mat Iech vun elo direkt un a fir ëmmer of-ze-briechen.
(ass dobaussen, et dauert e Moment, kënnt erëm eran)

Marylène GRAAS:
(hannerun em hier)

Honoré GANTENBEIN:
Als kleng Lektioun fir Är Onverschimtheet vis-à-vis vun der Gantenbein Gesellschaft bezuele mir Iech nëmmen 20% vum Rechnungspräis. Souguer dat ass a Considératioun vun Ärem Wucherpräis nach grousszügeg. An der Hoffnung, ni méi eppes vun Iech ze héieren, verbleiwen ech ouni frëndlech Gréiss. Etc., etc. Hutt Dir et, Graas?

Marylène GRAAS:
Ëh, net ganz.

Honoré GANTENBEIN:
Wat heescht hei net ganz? Firwat hunn ech Iech dann agestallt? Da kann ech meng Bréiwer jo direkt selwer schreiwen. Ech hu meng Zäit net an der Lotterie gewonnen!

Marylène GRAAS:
Natierlech net, Här Gantenbein. Ech hunn et och schonn.

Honoré GANTENBEIN:
Wat stitt Der dann nach esou domm hei erëm? Dir gitt net bezuelt, fir hei ze stoen.

Marylène GRAAS:
Natierlech net, Här Gantenbein.

Honoré GANTENBEIN:
Maja, geet et da bal?

Marylène GRAAS:
(spréngt eraus)
Natierlech, Här Gantenbein.
(geet eraus)

Honoré GANTENBEIN:
(jäizt hannerun hir hier)
An ech wëll net gestéiert ginn.

Marylène GRAAS:
(vun dobaussen)
Jo, Här Gantenbein.

Honoré GANTENBEIN:
(liest)

Marylène GRAAS:
(no enger Weil, zéckt)
Här Gantenbein? ... ëh ...
(méi haart)
Entschëllegt, Här Gantenbein?

Honoré GANTENBEIN:
(brëllt)
Wat hätt Dir da schonn erëm gären? Ech ka mech erënneren, haart an däitlech gesot ze hunn, datt ech net gestéiert wëllt ginn.

Marylène GRAAS:
Awer Är Fra ...

Honoré GANTENBEIN:
Vun dëser Geess schonn direkt zweemol net. Sot hier, ech wier net do. An elo eraus hei.
(geheit hier e Stëft no)

Marylène GRAAS:
Huch, jo, Här Gantenbein.
(geet eraus, vun dobaussen)
Mee ech soen Iech jo: Äre Mann ass net do.

Charlotte GANTENBEIN:
Fir wéi blöd haalt Dir mech eigentlech, Marylène?
(schubst d'Marylène Graas op d'Säit, kënnt eran)
Ech hunn en dach däitlech héieren.

Honoré GANTENBEIN:
(zynesch)
Ah, meng léif Madame! Wat fir eng seelen Éier!

Charlotte GANTENBEIN:
Spuer der däi Gesabbels. Wat fält dir eigentlech an, dech mir géintiwwer vun Employéëe verleegnen ze loossen?

Honoré GANTENBEIN:
Ah, spill dech dach net esou op. Wat wëlls du iwwerhaapt hei? D'Madame Dokter léisst sech dach soss net hei blécken. D'Aarbecht kinnt si jo mol bäissen!

Charlotte GANTENBEIN:
Aua. Du bass eekeleg. Ech halen et mat dir net méi aus. Ech verloossen dech.

Honoré GANTENBEIN:
Wann s de mengs! A wouvu wëllt dir liewen?

Charlotte GANTENBEIN:
Wéisou dir? Fir deng Duechter bass du responsabel.

Honoré GANTENBEIN:
D' Geneviève ass groussjäreg, et huet schonn di drëtt Ausbildung hannert sech. Ech muss also guer näischt. Di verwinnte Pëppche muss dann ebe schaffe goen. An dir schuet et och näischt. Vu mir kriss du jiddefalls Null.

Charlotte GANTENBEIN:
Dat traus du dech net.

Honoré GANTENBEIN:
Da waart emol of.

Charlotte GANTENBEIN:
Oh, Honoré.
(voller Haass)
Wéi ech dech haassen.

Honoré GANTENBEIN:
Jojo, wann s du mir näischt Neies ze soen hues, da kanns de jo erëm goen.

Charlotte GANTENBEIN:
Dach, et gëtt nach eppes: Deng léif Schwëster Mathilde kënnt fir eng länger Zäit bei eis.

Honoré GANTENBEIN:
Wat, dee Plogeescht?

Charlotte GANTENBEIN:
(voller Genoss)
Jo, well nom Doud vun sengem Mann fënnt et et esou langweileg ...

Honoré GANTENBEIN:
... an da wëllt et mech ënnert de Buedem bréngen oder wéi?

Charlotte GANTENBEIN:
(zynesch)
Dat wier ze schéin.
(geet eraus)

Honoré GANTENBEIN:
(brëllt er no)
Dreem weider.
(bliedert)
Graas! Schéckt mer emol de Schmierbuerg eran.

Marylène GRAAS:
(vun dobaussen)
Jo, Här Gantenbein. Direkt, Här Gantenbein.

Honoré GANTENBEIN:
(liest, laacht dreckeg, hannerlëschteg; liest)

Marylène GRAAS:
(kënnt eran)
Den Här Grof vu Schmierbuerg wier elo do.

Honoré GANTENBEIN:
Jojo, ra mat em.

Marylène GRAAS:
(eraus)

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(kënnt eran, nervös, mat ausgestreckten Ärem op de Gantenbein zou)
Léiwen Associé!

Honoré GANTENBEIN:
(gëtt em d'Hand net)
Stiecht lech Ären Associé soss entzwousch hin.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(laacht nervös)
mmer fir Witzen opgeluegt. Et mécht esou vill Freed, mat lech zesummenzeschaffen.

Honoré GANTENBEIN:
Dat huet elo en Enn.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(nervös)
Wat mengt Der? Wat huet en Enn?

Honoré GANTENBEIN:
D'Zesummeschaffen.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(laacht nervös)
Wéi soll ech dat verstoen? Ah sou ... Dir maacht lech erëm iwwer mech lëschteg. Dir ale Witzbold.

Marylène GRAAS:
(kënnt eran)
h, entschëllegt, Här Gantenbein, mee do ass eng Dame ...

Honoré GANTENBEIN:
(brëllt)
Gesitt Dir dann net, datt ech an enger geschäftlecher Bespriechung sinn? Di Dame ka waarden.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(kënnt eran)
Di Dame kann net waarden.
(theatralesch, iwwerschwänglech)
Hallo, Honoréchen, mäi Klengen. An, frees de dech, deng grouss Schwëster emol erëm eng Kéier ze gesinn?
(ëmäerbelt en an erdréckt e bal derbäi)

Marylène GRAAS:
(geet séier eraus)

Honoré GANTENBEIN:
Looss deng Fangere vu mir.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Oh, a wat hu mer dann hei fir e jonke Mann, deen esou gutt ausgesäit?
(rennt den Honoré Gantenbein mam Ielebou an d'Rëpper)
Dajee, Honoré, stell eis vir.

Honoré GANTENBEIN:
Dat war mäin Associé Grof Roger vun der Schmierbuerg. Schmierbuerg, dat ass meng Schwëster Mathilde Gantenbein, Wittfra vu Vullesang.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(vernäipt sech)
Enchantéiert.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(begeeschtert)
De Pleséier ass ganz mengersäits, Grof vun der Schmierbuerg. Wat fir en nobelen Numm. Är Fra ass bestëmmt immens houfreg op esou eng nobel Famill.

Honoré GANTENBEIN:
(kacht lues a lues)

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Oh, ech sinn net bestuet.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Oh, wéi gutt. h, ech mengen: Wéi Schued.

Honoré GANTENBEIN:
Jo, jo, jo.
(dréckt dobäi d'Mathilde Gantenbein vu Vullesang lues bei d'Dier)
Mir hunn elo eng wichteg Entrevue, an du stéiers. Waart wannechgelift dobaussen.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(opbruecht)
Mee wéi gitt Dir da mat Ärer Schwëster ...

Honoré GANTENBEIN:
(brëllt)
Dohinner sëtzen an de Bak halen.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Awer ...

Honoré GANTENBEIN:
(kuckt e ganz schro un)

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(sëtzt sech klenglaut)

Honoré GANTENBEIN:
Wou ware mer stoe bliwwen?

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(zéckt)
Bei Ärem Witz.

Honoré GANTENBEIN:
Vu wéinst Witz. Eis Zesummenaarbecht ass heimat eriwwer.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(total paff)
Wat ... wat ... soll dat bedeiten? Eriwwer?

Honoré GANTENBEIN:
Dir sitt eraus. Äddi! Finito! Fäerdeg! Perdu!

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(rappt sech zesummen)
Moment emol. Esou einfach geet dat net. Schliisslech sinn ech grad esou Associé wéi ...

Honoré GANTENBEIN:
Dat waart Dir. Dir waart Associé. Dir hätt eben Är Undeeler net däerfen deenen iwwerschreiwen, deenen Dir nach eppes schëlleg sitt. Ech hunn duerch Stréimänner Aer Undeeler opkaaft.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Mee ech hätt meng Scholde jo bezuelt, soubal wéi ech erëm eppes méi flësseg ...

Honoré GANTENBEIN:
Vergiesst et. Dir sitt Vergaangenheet. D'Aktiegesellschaft Gantenbein gehéiert elo erëm mir eleng.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(verzweiwelt)
Mee dat kënnt Dir dach net einfach esou maachen.

Honoré GANTENBEIN:
Ah, Schmierbuerg, Äert Winsele geet mir op de Geescht.
(geheit dem Grof vun der Schmierbuerg e Stouss Blieder dohinner)
Hei sinn d'Pabeieren, wann Dir mir et net wëllt gleewen.
(geet zu där anerer Säit eraus)

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(kuckt d'Pabeiere verzweiwelt duerch)

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(kënnt eran, schwätzt wéi wann et géif päifen)
Also, elo waarden ech net méi laang, Honoré. Honoré?
(kuckt ronderëm sech, kuckt ënnert de Schreifdësch)
Hoooonoré?

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Dee léiwen Honoré ass fort!

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(dréchen)
Nondikass!
(schwätzt, wéi wann et géif päifen)
Ech hu gemengt ojeminee! Awer dat mécht näischt. Dofir si mir jo elo eleng. Firwat kuckt Dir dann esou traureg? Freet Dir Eech da guer net, fir mech ze gesinn?

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Dat ass di eenzeg Freed, di mir nach bliwwen ass.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Dir klenge Schmeechler. Ech mengen, Dir kinnt mir geféierlech ginn.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Ech mengen, Dir kinnt mir geféierlech ginn. Mee vläicht sollte mer eis anzwousch anescht ...

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
... a Rou ënnerhalen? Eng groussaarteg Iddi.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG a Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(ginn eraus)

Marylène GRAAS:
(kënnt eran)
Här Gantenbein, Är Duechter géif gär mat Iech ... oh, guer net do.
(dréit sech no baussen)
Äre Papp ass guer net do, Joffer Geneviève.

Geneviève GANTENBEIN:
(kënnt eran)
Da waarden ech eben op en.

Marylène GRAAS:
Also, ech weess net, ob en dat wëllt.

Geneviève GANTENBEIN:
Dat ass mir egal, ob dat ëm gefält oder net.

Charlotte GANTENBEIN:
(vun dobaussen)
Geneviève?

Marylène GRAAS:
Ah, Är Mamm!
(geet eraus)

Geneviève GANTENBEIN:
Hei, Mamma!

Charlotte GANTENBEIN:
(kënnt eran)
Ah, hei bass de! An der Höhl vum Léif. An? Huet en dir di Neiegkeet scho matgedeelt?

Geneviève GANTENBEIN:
Wat fir eng Neiegkeet?

Charlotte GANTENBEIN:
Datt en am Fall vun enger Scheedung keen Ënnerhalt bezilt. Weder dir nach mir.

Geneviève GANTENBEIN:
Mee e muss dach.

Charlotte GANTENBEIN:
Muss en net.

Honoré GANTENBEIN:
(kënnt eran)
Ah, d'Fruucht vu mengem Som an d'Lach vu mengem Portemonni.

Charlotte GANTENBEIN:
Ech gi léiwer. Ech kann en net méi erdroen.
(geet eraus)

Geneviève GANTENBEIN:
Wat war dat? Du bezils meng Ausbildung net méi?

Honoré GANTENBEIN:
Richteg héieren, du klenge Parasit. Ech mengen, ech hätt mat denge Studien an der Parapsychologie, der Astrologie an der Konschtgeschicht vun 1305 bis 1310 genuch finanzéiert. Et ass elo un der Zäit, dech an di grausam, kal an haart Wierklechkeet vun der Aarbechtswelt ze verstoussen.

Geneviève GANTENBEIN:
(erféiert)
Dat ... dat ... kanns de dach net maachen. Souguer du kanns dat net maachen ...

Honoré GANTENBEIN:
Looss mech kuerz iwwerleeën.
(Pos vun engem Denker)
Dach, dat kann ech man.

Geneviève GANTENBEIN:
(kämpferesch)
Da wëll ech meng Ierfschaft ausbezuelt kréien. Elo.

Honoré GANTENBEIN:
(laacht, muss houschten)

Deng Wat? Ierfschaft? Du wäers dach net am Eescht unhuelen, datt ech dir eppes verierwen?
(laacht)
De Pflichtdeel vläicht. Awer deen och nëmmen iwwert meng Läich.
(geet eraus)

Geneviève GANTENBEIN:
(iwwert dem Erausgoen op där anerer Säit zu sech selwer)
Ganz wéi s de wëlls! Ganz wéi s de wëlls.
(geet eraus)

Marcel KLINKER:
(kënnt eran, kuckt voller Angscht ëm sech)
Gott sei Dank! Keen do. Wou ass et nëmmen?
(wullt virsiichteg um Schreifdësch)
Hoffentlech huet en et nach net entdeckt. Ah, do ass et jo.

Marylène GRAAS:
(kënnt eran, schaarf)
Här Klinker! Wat hutt Dir hei ze sichen?

Marcel KLINKER:
(tuddelt)
h ... ëh ... Den Här Gantenbein huet mech gebieden, e puer nnerlage fir hien ze huelen. Jo, genau ...

Marylène GRAAS:
(am Zweiwel)
An da schéckt en de Chef-Comptabel?

Marcel KLINKER:
(kënschtlech monter)
Jo, Dir kennt jo eise Chef. Wann hie gär eppes hätt, da wëllt en et direkt.

Marylène GRAAS:
Hm.
(gleeft et net, geet mat Zécken eraus)

Marcel KLINKER:
(waart bis d'Marylène Graas eraus ass, kroopt sech dann d'Haaptbuch, bliedert, erféiert)
Et feelt.
(bliedert hektesch)
Et ass fort.
(verzweiwelt)
Nondikass. En huet et an uecht geholl. Ech sinn erliedegt.

Honoré GANTENBEIN:
(kënnt eran)
Ganz richteg.

Marcel KLINKER:
(erféiert)
Hach! Här Gantenbein! Wéi?

Honoré GANTENBEIN:
Mir hunn eis scho verstan?
(sëtzt sech, d'Féiss op den Dësch, kuckt interesséiert seng eege Fangerneel)
Wat mécht ee mat engem Comptabel, deen ee mat de Fangeren an der Keess erwëscht?

Marcel KLINKER:
Mee, Här Gantenbein, ech kann datalles erklären ...

Honoré GANTENBEIN:
(liest, iwwerdeems wou e schwätzt)
Spuert Iech Ären Otem fir de Riichter.

Marcel KLINKER:
Awer, Här Gantenbein, ech si bestuet an ech hu véier Kanner. Wat soll dann aus mir ginn?

Honoré GANTENBEIN:
Dat ass Äre Problem. An elo raus hei. Ech muss nach de Bréif un de Procureur fäerdeg maachen.

Marcel KLINKER:
(biedelt)
Här Gantenbein, wannechgelift.

Honoré GANTENBEIN:
(brëllt)
Raus!

Marcel KLINKER:
(geet eraus)

Honoré GANTENBEIN:
(jäizt)
Graas?

Marylène GRAAS:
(kënnt eran)
Jo, Här Gantenbein?

Honoré GANTENBEIN:
Hutt Dir eppes do fir z'iessen?

Marylène GRAAS:
Nëmmen en Dëppchen Äerdbier, Här Gantenbein.

Honoré GANTENBEIN:
Huah, wëllt Dir mech ëmbréngen?

Marylène GRAAS:
Oh, entschëllegt villmools. Wéi konnt ech och Är Allergie op d' Äerdbiere vergiessen?

Honoré GANTENBEIN:
Jaja, da ginn ech elo eppes iessen.

Marylène GRAAS:
Ähem, Här Gantenbein, Är Schwëster waart dobaussen ...

Honoré GANTENBEIN:
(generft)
Jo jo.

Marylène GRAAS:
(no dobausse gedréint)
Äre Brudder léisst bieden.
(geet eraus)

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(kënnt eran)

Honoré GANTENBEIN:
Wat häss de gär?

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(nervös)
Wisou? Wat soll ech da wëllen?

Honoré GANTENBEIN:
Ried net ronderëm de Bräi! Kënnt bei dech e Gantenbein, geet et diralles wéi fein. Also wat ass et dës Kéier?

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Abee gutt. Ech si finanziell an enger e bëssen ugespaanter Situatioun ...

Honoré GANTENBEIN:
Also Faillite?

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
... an ech bräicht e puer Mëttelen ...

(haseleg)
Nëmme fir eng Zäit ...

Honoré GANTENBEIN:
Vergiess et! Kee ronnen Euro.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Awer Honoré, du bass dach mäi Brudder.

Honoré GANTENBEIN:
Ech hu gesot, vergiess et. Du wäers dach net mengen, datt ech dir och nëmmen ee Cent ginn, nodeems du dat ganzt Verméige vun dengem mëllen Alen dropgemaach hues.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Mee wouvu soll ech da liewen?

Honoré GANTENBEIN:
Probéier et emol mat Schaffen.
(geheuchelt)
Hach, entschëlleg. Wat soen ech do. Du kanns jo net schaffen. Du weess jo guer net, wéi esou eppes geet. Huiuiuiuiui. Wat si mer dann do an enger dommer Situatioun. Sou e Pech awer och.
(geet eraus)

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(kënnt eran, kuckt ronderëm sech)
Ass e fort? An, wéi ass et gelaf?

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Méi schlecht wéi gutt. E gëtt mer net emol een Cent.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Mee du hues dach en Urecht op d'Familljeverméigen.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Ech sinn zwar dat Eelst, mee bei de Gantenbeinen zielen nëmmen d'Männer.
(iwwerleet)
Et sief dann ...

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Et sief da wat?

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Et sief dann, et géif kee männlechen Nokommen. Mee wat soen ech do. Mir hu jo e Verméige fir glécklech ze sinn.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Ähem.
(peinlech berouert)
Da wäerte mer richteg onglécklech sinn.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Wéi mengs de dat?

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Däi léiwe Brudder huet mech aus der Firma geschubst, schlëmm an hannerlëschteg, awer ganz legal! Ech sinn also och ruinéiert.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Dee Mëschtkärel! D'Mënschheet wier wierklech besser drun ouni hien.
(kuckt de Roger Grof vun der Schmierbuerg villdeiteg un)

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(kuckt d'Mathilde Gantenbein vu Vullesang eendeiteg un)
A besonnesch wäre mir vill besser drun ouni hien.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Vill besser.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Wéi wier et wuel, wann een op eng Kéier ganz midd gëtt, déif, ganz déif schléift a guer net mierkt, wéi op eng Kéier iergend eppes den Hals zoudréckt. Ëmmer méi enk a méi enk, bis keng Lëftche méi derduerch geet?

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(weist op sech)
Schloftabletten.
(weist op de Roger Grof vun der Schmierbuerg)
Schnouer.

(Roger Grof vun der Schmierbuerg a Mathilde Gantenbein vu Vullesang ginn eraus)

Marylène GRAAS:
(kënnt eran)
Här Gantenbein, ech ginn dann elo! Oh ... scho fort ... Schued ...
(zitt den Otem schwéier, fiert verdreemt iwwert de Réck vun der Fotell, geet eraus)

Charlotte GANTENBEIN:
(kënnt eran, kuckt virsiichteg ronderëm sech, schwätzt mat sech selwer)
Sou, mäi léiwe Mann.
(hëlt d'Fläsch Cognac a fëllt eng Flëssegkeet ouni Faarf dran)
En dräifachen Héich op d'Äerdbier-Konzentrat.
(geet eraus)

Geneviève GANTENBEIN:
(kënnt eran, kuckt sech virsiichteg ëm, hëlt d'Cognacs-Fläsch)
Sou, mäi léiwe Papp. Op meng Studien an der Chimie. Dat hues du anscheinend vergiess. E laangt Liewe fir den Zyankali.
(geet eraus)

Marcel KLINKER:
(kënnt eran, kuckt sech virsiichteg ëm, hëlt d'Cognacs-Fläsch)
Sou, mäi léiwen Här Chef. Ech gi wéinst deene puer Euro net an de Prisong. Nëmme gutt, datt mer nach e bësse Rategëft am Keller haten.
(schëtt e bëssen an d'Fläsch, geet eraus)

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(kënnt eran, kuckt sech virsiichteg ëm, seet no dobaussen)
D'Loft ass propper.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(kënnt eran)
Do.
(weist op d'Cognacs-Fläsch)
En drénkt owes ëmmer nach gären eng Schlupp.
(zerklengert d'Tabletten an d'Fläsch, rëselt)

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
Waart, mer maachen nach méi dran. Da spuere mer eis d' Erwiergen. An et hannerléisst manner Spueren.
(zerklengert der nach e puer dran)

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
(hieft d' Fläsch, wéi wann se engem wëllt zouprosten)
Gudden Nuecht, Bridderchen.

2. Szen

Honoré GANTENBEIN:
(läit ouni Bewegung iwwert dem Schreifdësch, niewent em e Glas)

Alphonse MOOS:
(kënnt eran, kiert mat der Kierbiischt, séngt)
D'Fëscher an d' Jeeër, si Plättelefeeër, tralalalalalalalalala, D'Fëscher an d'Jeeër ...
(gesäit den Honoré Gantenbein)
Kuck mol elei?!
(schubst den Honoré Gantenbein, hieft deem säin Arm an d'Luucht, léisst e lass)

Honoré GANTENBEIN:
(den Arm fält ouni Liewen op den Dësch zeréck)

Alphonse MOOS:
Deen ass hops!
(hëlt den Telefon, wielt)
Jo? Ass do d'Police? Maja, ech géif nawell gär eng Läich mellen. Dat heescht, gär nawell eigentlech net, awer, naja. Dir wësst jo wahrscheinlech, wéi dat ëmmer esou ass. Et denkt een sech näischt Schlechtes derbäi a weess net, wat ee soll maachen. An da läit esou eng Läich hei dorëmmer. Wien ech sinn? Ech sinn den Alphonse Moos. Ech sinn den Hausmeeschter bei der Gantenbein Aktiegesellschaft. Genau, Gantenbein Aktiegesellschaft. Jo, genau déi. Jo, an hei erëm am Chef sengem Zëmmer läit een. Wien? Jo, mee dat weess ech dach net. Ech hu mer e jo nach net emol ugekuckt. Jo, ee Moment fofzeg.
(zitt de Kapp vum Honoré Gantenbein mat den Hoer an d'Luucht, fir d'Gesiicht ze gesinn, a léisst de Kapp erëm erof falen)
Jo, allo. Dat ass de Chef selwer. Jo, dat ass an der Rei. Ech waarden ënnen an der Entrée.
(hänkt an, geet eraus)

(Roger Grof vun der Schmierbuerg a Mathilde Gantenbein vu Vullesang kommen eran)

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Ass e schonn dout?

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
A wéi soll ech dat da wëssen?

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Fill em dach emol de Bols.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(fillt um Arm de Bols vum Honoré Gantenbein)
Ech spieren näischt.

Mathilde GANTENBEIN VU VULLESANG:
Oh Gott, wat hu mer gemaach.
(hysteresch)
Oh, mäi Gott.
(trommelt op de Roger Grof vun der Schmierbuerg lass)
Oh, mäi Gott.

Roger GROF VUN DER SCHMIERBUERG:
(schaarf)
Rapp dech zesummen.
(iwwerleet)
Mir loossen d'Läich verschwannen. Keng Läich, kee Mord. Allez, pak mat un.
(si schleefen d'Läich eraus a ginn eraus)

Alphonse MOOS a Roland MAAS a Pierre KRECKE:
(kommen eran)

Pierre KRECKE:
(gaapst di ganzen Zäit)

Alphonse MOOS:
(steet mam Réck zum Schreifdësch, zum Pierre Krecké gedréint)
Wéi war schonn Ären Numm, Här Commissaire?

Roland MAAS:
(tippt dem Alphonse Moos op d'Schëller)
Ech sinn de Commissaire, a mäin Numm ass Maas.

Alphonse MOOS:
Sot et roueg. Dat mécht guer näischt, wann Dir Maas heescht. Fir säin Numm kann een net.

Roland MAAS:
(veriergert)
Mäin Numm ass Maas, Roland Maas. An dat ass mäin Assistent Pierre Krecké.

Pierre KRECKE:
(geet an eng Stellung vu Pass-op)

Alphonse MOOS:
A firwat dann net. Ech gleewen lech et schonn, dass dat hei e Commissaire adjoint ass. A wann en och e bësse méi fett ass wéi Dir ... owa.

Roland MAAS:
(haart, andrénglech)
Säin Numm ass Krecké. Pierre Krecké. Kapéiert?

Alphonse MOOS:
(kuckt onsécher vun engem zum aneren)

Roland MAAS:
Hutt Dir dat elo verstan?

Alphonse MOOS:
(zéckt)
Dir sitt Maas an hien heescht Krecké. Kapéiert?

Roland MAAS:
Genau! ... Neen! ... Nëmme Krecké.

Alphonse MOOS:
(wénkt mat enger Hand)
Jo, dat ass jo elo Wurscht. Ech sichen alt e Commissaire an e Commissaire adjoint.

Roland MAAS:
Och gutt! Mee loosse mer elo mol in madias res goen.

Alphonse MOOS:
Wouhi wëllt Der goen? Mee mer si jo schonn do!

Roland MAAS:
Jaja, elo zur Saach. Wou ass dann d'Läich?

Alphonse MOOS:
Do op ' m Schreifdësch!
(dréit sech ëm a weist op deen eidele Schreifdësch, iwwerrascht)
Jo, do louch se elo éinescht.

Pierre KRECKE:
(geet bei de Schreifdësch, iwwerdeems wou e gaapst, an ënnersicht en)
Also, ech kann do keng Läich entdecken, Commissaire Maas.

Roland MAAS:
Wahrscheinlech duerfir, well keng do ass, Dir Ufänger. Ech mengen, Dir sitt eis eng Erklärung schëlleg, Här Moos.

Alphonse MOOS:
(weist op de Schreifdësch)
Virdru war do eng Läich gewiescht.

Roland MAAS:
(iwwerhieflech)
Sousou. An elo ass se fort. Dat hu Läiche jo esou un sech.
(mat enger Drohung an der Stëmm)
Ech kënnt mer virstellen, datt e gewëssen Hausmeeschter ze déif an d' Glas gekuckt huet a wäiss Mais gesäit. Oder datt en sech e Jux mat der Police wollt erlaben.
(haart, iwwerdeems wou e fortgeet)
Mee dat soen ech Iech:Loosst Iech net nach eng Kéier dermat erwëschen.
(geet eraus)

Alphonse MOOS:
(zum Pierre Krecké)
Wat kann dee béis ginn! Uiuiui.

Pierre KRECKE:
(schaarf)
Jo. An dat mengt en dann och esou. Besonnesch matzen an der Nuecht.
(geet eraus)

Alphonse MOOS:
(kuckt dem Pierre Krecké no, verwonnert)
Wat heescht hei matzen an der Nuecht, elo ass et halwer siwen.
(rëselt de Kapp)
O mei, dat ass elo scho komesch. Do huet dach elo grad nach ee geleeën. Naja! Et ass jo och wurscht. Ech hu meng Pflicht gemaach.
(geet eraus)

Geneviève GANTENBEIN:
(vu baussen, haarde Kreesch, kënnt hannerzeg op d'Bühn, entsat, stéisst géint de Schreifdësch)
Aaaah ...
(dréit sech ëm, entspaant sech e bëssen, kuckt erëm eraus, weist sprachlos no baussen)
Aah aaah Pa ... Pa ... Pappa.
(hält sech um Schreifdësch un, schnauft duerch, gëtt lues a lues méi roueg)
Komesch. Ech hunn dach gemengt, Zyankali géif direkt wierken an net eréischt no engem Spadséiergank. Ech froe mech nëmmen, wat en an der Graasen hirem Bürosschaf ze sichen hat. Naja, et ass och egal. Do muss en op alle Fall weg.
(geet eraus, kënnt direkt erëm ran, zitt den Honoré Gantenbein hannert sech hier)
Mäi Gott, wat bass du sou schwéier.
(kuckt ronderëm sech)
Wouhin nëmme mat dir? A virun allem: Wéi kréien ech dech hei weg, ouni datt een et gesäit?
(geet am Zëmmer ronderëm op der Sich no enger gudder Stopp)
Ech fäerte ganz, ech muss dech d'éischt elo mol hei loosse, Pappa. Abee, dat mécht dir dach sécher näischt aus.
(leet den Honoré Gantenbein virum Schreifdësch of, spëttesch)
Net fortlafe, Pappa!!! Ech si gläich erëm do!
(geet eraus)

Alphonse MOOS:
(vun dobaussen, séngt schonn)
Et stung mol e Beemchen ze wäit an der Strooss, deen huet mech mam Weenchen net laanscht sech gelooss ...
(kënnt eran)
... deen huet ...
(gesäit d'Läich)
Eng wonnerschéi Läich. Jo, elo läis de erëm do. Jo, a wou kënns du dann elo op eemol erëm hier, hein?
(kraazt sechum Kapp)
Maja, da ruffe mer alt erëm nach eng Kéier d'Polizei.
(hëlt den Hörer a wielt)
Jo, allo? Polizei? Jo, ech sinn et nach eng Kéier, den Alphonse Moos. Jo, ech hat elo éinescht schonn eng Kéier ugeruff gehat wéinst där Läich. Jo, genee.
(lauschtert)
Dach, dach. Do war och schonn e Commissaire do gewiescht, an och nach een. Abee, naja, soen ech ëmmer, de Staat kann sech seng Beamten net eraussichen, soen ech ëmmer, dee muss déi huelen, déi en huet, dee muss mat deene Meedercher danzen, déi en huet, soen ech ëmmer.
(Paus)
Firwat ech nach emol uruffen? Jo, well d'Läich elo erëm do ass. Wat? Nee, dee Commissaire huet dat net matkritt. Dat konnt e jo och net matkréien. Jo, d'Läich war jo fort.
(Paus)
Jo, wat gëtt et dann do net ze verstoen? Et ass dach Wurscht. Sot dem Commissaire, wann en erëm kënnt, datt d'Läich erëm do ass, an da weess e scho Bescheed.
(Paus)
Alphonse Moos. Genau. Ech wäert doënnen erëm op e waarden.
(hänkt an, kuckt op d'Läich, dreet mam Fanger)
Schéin dobleiwen!
(geet eraus)

Geneviève GANTENBEIN:
(kënnt eran, mat engem Teppech, rappt den Honoré Gantenbein zur Säit, breet den Teppech aus, zitt den Honoré Gantenbein op den Teppech)
Ah, Mëscht, ech hunn d'Schnouer vergiess.
(geet eraus)

Charlotte GANTENBEIN:
(schläicht sech eran, kuckt den Honoré Gantenbein vun uewen erof un)
Ech mengen, esou eppes nennt ee Scheedung op Italienesch. Oder war et éieren Neapolitanesch?
(ënnersicht, ob den Honoré Gantenbein dout ass)
Naja, de Moos géif soen: Hin ass hin! ... Sou, da pake mer dech elo mol an d'Këscht, dass de dech schonn emol un dat Gefill gewinne kanns.
(hëlt vun dobaussen eng grouss Kartongskëscht, probéiert den Honoré Gantenbein dran ze hiewen, mee si bréngt et net fäerdeg. Zu engemam Publikum)
Entschëllegt, kinnt Dir mir emol kuerz behëlleflech sinn?
(paakt mam Zuschauer den Honoré Gantenbein dran, schubst d'Kartongskëscht no hannen)
Ufff!

Alphonse MOOS:
(vun dobaussen ze héieren)
Jo, et deet mer jo leed, Här Commissaire.

Charlotte GANTENBEIN:
(hektesch zum Zuschauer, dee gehollef huet)
Séier! Verschwannt erëm séier, ier se kommen!

(rennt séier raus, kuckt nach eng Kéier séier ran)
A villmools Merci nach eng Kéier!
(geet eraus)

(Alphonse Moos, Roland Maas, Pierre Krecké, dee gaapst, kommen eran)

Roland MAAS:
Gare la mine, Moos, wann dat erëm e Witz war.

Pierre KRECKE:
(gaapst)
Uuuuah, jo, mir ware grad beim Kaffidrénken.

Roland MAAS:
Dat ass egal, Krecké.

Alphonse MOOS:
Jo, wëllt Der dann elo eppes aneschters maachen?

Roland MAAS:
Ech wollt Iech nëmme warnen, mam Aarm vum Gesetz kee Fuppes ze dreiwen.

Alphonse MOOS:
Neen, net mam Aarm. Mat der Läich! An iwweregens maachen net ech de Fuppes mat der Läich, mee d'Läich mat mir.

Roland MAAS:
Quatsch. Eng Läich spillt net, eng Läich ...

Pierre KRECKE:
(mellt sech, fält dem Roland Maas an d'Wuert)
... déi läicht!

Roland MAAS:
(jäizt)
Neen! Eng Läich ass dout!
(probéiert sech ze berouegen, otemt déif duerch)
Also, wou ass dann elo d'Läich, Moos?

Alphonse MOOS:
(wëllt op d'Plaz virum Schreifdësch weisen)
D ...
(ass direkt roueg, geet dohinner, kuckt genee dohinner, verleeën)
Jo, also ... ähem ... virdrun ... also wësst Der, virdrun ... virdru louch se do. Genau do.

Roland MAAS:
(kuckt genee dohinner, kuckt den Alphonse Moos, kuckt erëm dohinner)
Mengs de, gesitt Dir do eng Läich?

Pierre KRECKE:
(dee mat zouenen Aen iergendwou widderläit, erféiert, spréngt ganz séier erbäi, ënnersicht d'Plaz virum Schreifdësch)

Roland MAAS:
(trommelt ongedëlleg mat de Fangeren um Schreifdësch)

Pierre KRECKE:
Neen, Här Commissaire. Do ass keng Läich. Op alle Fall gesinn ech keng.

Roland MAAS:
(jäizt, datt se alleguer erféieren)
Ech och net. Ech gesinn och keng Läich.
(ironesch)
Ja, wou ass se dann hin, Här Moos?

Alphonse MOOS:
Also, Här Commissaire. Wann ech Iech et dach soen! Do louch se virdrun. Genau do.

Roland MAAS:
(haart)
Wéi wier se dann dohinner komm? Ha? D'éischt läit se um Schreifdësch, da virdrun an dertëschent ass se emol erausgaang eng Zigrett fëmmen, oder wéi?

Alphonse MOOS:
Neen!

Roland MAAS:
(aus dem Konzept bruecht)
Wat, neen?

Alphonse MOOS:
De Chef huet Zigare gefëmmt a keng Zigretten.

Roland MAAS:
Dir ...
(mécht Fäischt)
Dir mengt wuel, Dir kinnt mat der Polizei de Fuppes man. Mee ech hat Iech gewarnt. Ech hat Iech gewarnt. Elo loossen ech Iech verhaften. An e puer Stonnen an enger Zell, fir Ären Dronk auszekuréieren, wäert Iech esou e Blödsinn scho vergoen.

Alphonse MOOS:
(geet ënner Protest an d'Richtung vum Roland Maas)
Awer ...

Pierre KRECKE:
(stellt sech dertëschent, gaapst)

Roland MAAS:
(geet bei den Telefon, wielt)
Jo? Hei ass de Commissaire Maas. Schéckt mir eng Patrouille an d'Firma Gantenbein ... Wat heescht hei, dat geet net, alleguer ënnerwee? Mech hutt Dir wéinst näischt a widder näischt vum Kaffisdësch weggeholl ... Allez, Blödsinn. Vu wéinst Mord! Den Hausmeeschter hei hält sech fir besonnesch witzeg. Ech gif e gär an eng Zell stiechen, datt en säin Dronk kann auskuréiere kann, a virdrun am beschten nach ënnert eng äiskal Dusch ... Wat?
(kuckt sech den Hörer un)
Wien ass do? Ah, Här Procureur ... Jo, Här Procureur ... Natierlech net, Här Procureur ... Jo, nëmmen e Witz, Här Procureur ... Jo, ech huelen d'Uleies vun eise Bierger ganz eescht, Här Procureur ... Ganz gutt, Här Procureur. Au revoir, Här Procureur.
(dréit sech lues rosen a frustréiert nom Alphonse Moos ëm)
Dës Kéier hat Der nach eng Kéier Gléck. Mee ech warnen Iech, wann Der mech nach eng Kéier wéinst dëser angeblecher Läich stéiert.
(geet ganz séier eraus)

Pierre KRECKE:
(gaapst)
Ech warnen Iech.
(geet eraus)

Alphonse MOOS:
Wat kann ech da fir eng Läich, di net weess, wat sech fir eng anstänneg Läich gehéiert?
(imitéiert hannendrun)

Ech warnen Iech. Pfff! Dann deet ee seng Pflicht an et ass een e braven, gesetzestreie Bierger, a wat huet een dervun? Soss näischt wéi Scherereien.
(geet eraus)

Charlotte GANTENBEIN:
(luusst eran, kënnt eran)
Puh, dat war knapps.
(rutscht d'Kartongskëscht erëm no vir)
Oh, wat ass dat schwéier. Dee kréien ech jo ni vun hei fort, ouni datt et opfält.
(kuckt ronderëm sech)
Ah! Ech pechen en einfach zou a schreiwe baussen drop "Fir de Sperrmüll". Da kënnt en op den Tipp, wou en och higehéiert.
(pecht Pechpabeier driwwer)
Ech muss nëmmen oppassen, datt een net erkennt, datt et meng Schrëft ass.
(schreift)
Fiiir de Speeeerrrrmüüüll. Sou. Fäerdeg. An Äddi!

Geneviève GANTENBEIN:
(kënnt eran, erféiert)
Hach, Mamma?! Wat méchs du dann hei?

Charlotte GANTENBEIN:
Wwaaa! Geneviève! Wat hues du mech awer elo erféiert. Wat ech hei maachen? Oh, näischt Besonnesches. Ah, firwat frees du?

Geneviève GANTENBEIN:
(extra lässeg)
Oh, nëmmen esou.

Charlotte GANTENBEIN:
A wat méchs du schonn esou fréi hei?

Geneviève GANTENBEIN:
Wat ech hei maachen?
(zu sech selwer)
Ja, wat maachen ech dann hei?
(zum Charlotte Gantenbein)
Majo, ech wollt nach emol mam Pappa schwätzen a probéieren, hien ëmzebréngen ...

Charlotte GANTENBEIN:
(wéi vun enger Moustique gepickt)
Waaat?

Geneviève GANTENBEIN:
(erféiert)
Ähäh ... ech wollt soen, hien ëmzestëmmen.
(nervös)
Ëm-ze-stëm-men.

Charlotte GANTENBEIN:
Ah sou! Jo, ech ginn dir do keng all ze grouss Chance méi. Dat ass, wéi wann s de op en Doudege géifs arieden!

Geneviève GANTENBEIN:
(nervös)
En Doudegen? Wéisou en Doudegen?

Charlotte GANTENBEIN:
Doudegen? Hunn ech en Doudege gesot?
(nervös)
Naja! Esou seet een dach! Oder net? Doudeger schwätzen net. A vun dengem Papp kriss du bestëmmt och keng positiv Äntwert.

Geneviève GANTENBEIN:
Ah sou!

Charlotte GANTENBEIN:
Jo, mee du kanns däi Gléck jo mol versichen. Ech ginn erëm. Äddi, mäi Kand.
(kuckt iwwerdeems wou se erausgeet nach emol nervös op d'Kartongskëscht, geet dann eraus)

Geneviève GANTENBEIN:
(waart bis d'Charlotte Gantenbein eraus ass, kuckt ronderëm, fir ze sichen)
O mäi Gott, wou ass en? Wou ass en? Wou ass en?
(leeft am Zëmmer ronderëm, sicht, rëselt de Kapp)
Fort! Einfach fort! Naja, wat soll et. Haaptsaach, en ass fort.

Alphonse MOOS:
(dobaussen, séngt)
D'Fëscher an d' Jeeër, si Plättelefeeër ...

Geneviève GANTENBEIN:
(erféiert)
Aaaah, dee schonn erëm.
(geet eraus)

Alphonse MOOS:
Juchhe.
(kuckt sech virsiichteg ëm)
D'Fëscher an d'Jeeër ...
(dréit sech mat engem Zock ëm, kuckt)
... si Plättelefeeër ... Haha, keng Läich. Abee, Gott sei Dank. Ech hätt den Inspekteren net nach eng Kéier kënnen uruffen.
(entdeckt d'Kartongskëscht)
Jo, wat hu mer dann do fir eppes Schéines?
(liest)
Fiiiir de Speeerrmüüüüüll. Ui! Da kucke mer elo dach emol direkt, ob do net eppes Schéines dran ass, wat ech nach brauche kënnt, ier mer et weg geheien.
(mécht d'Kartongskëscht op, erféiert, spréngt e Schrack zeréck)
Wuaah!
(geet virsiichteg erëm dohin, kuckt nach eng Kéier dran)
Wuaah! Do ass et jo erëm!
(iwwerleet)
Jo, esou eppes verréit een. Wat maachen ech dann elo?
(hëlt den Telefonshörer, wielt, dréckt d'Gafel erof)
Wat soll ech maachen? Sinn ech da blöd? Wann et fäerdeg ass, stiechen se mech an eng Zell fir d'Sëffer.
(iwwerleet, kuckt op d' Läich, kraazt sechum Kapp, laacht)
Hm, hm! Hm, hm! Genau! Dat maachen ech! Dee soll elo en anere fannen!
(paakt d' Läich op den Stull, deen dréit)
Da soll ... en aneren ... de Blödian sinn! Sou!

(wénkt jo mam Kapp)
Hm!!!
(geet eraus)

Marcel KLINKER:
(kënnt virsiichteg eran)
Puh, et huet nach keen en entdeckt.
(préift, ob den Honoré Gantenbein wierklech dout ass)
Sou, elo muss ech mech tommelen, wéi kréien ech deen nëmmen hei weg?
(erféiert)
Do war dach eppes!
(geet bei d'Dier, kuckt, verstoppt sech hannert der Fotell)